LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Luxembourg, le 6 avril 2021

Le Ministre de l'Économie
à
Monsieur le Ministre aux
Relations avec le Parlement

**L-2450 LUXEMBOURG**

Réf. : QP3787/SW-rg

**Objet**: **Question parlementaire n°3787 du 5 mars 2021 de Monsieur le Député André Bauler**

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Pour le Ministre de l'Économie

Luc Decker
Conseiller

Dossier suivi par : Stéphanie Wagemans, tél : 247-88425 ; email : stephanie.wagemans@eco.etat.lu

126-000010-2004052-FR

19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
TVA LU 158 52 112

Tél. (+352) 247-82478
Fax (+352) 46 04 48
IBLC 158 52 112

Adresse postale:
L-2914 Luxembourg

info@eco.public.lu
www.gouvernement.lu/meco
www.luxembourg.lu

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Économie, Franz Fayot, à la question parlementaire n°3787 du 5 mars 2021 de Monsieur le Député André Bauler concernant l'instauration d'un conseil scientifique auprès du ministère de l'Économie**

De Modell vum "Beirat" ass en typesch däitsche Berodungsgremium, dee bekanntsten ass de "Sachverständigenrat für Begutachtung der gesamtwirtschaflichen Entwicklung" (https://www.sachverstaendigenrat-wirtschaft.de) deen all Joers en imposante Rapport iwwert déi Däitsch Wirtschaft publizéiert. Och a Frankräich ginn et änlech Institutioune wéi zum Beispill den « Conseil d'analyse économique » (https://www.cae-eco.fr), deem seng Roll awer net genau déi selwecht ass, an aner Länner gräifen op ad hoc Panellen vun Experten zu spezifeschen Themen zeréck.

De "wissenschaftlicher Beirat" vum Bundeswirtschaftsministerium dee vum honorabelen Deputéierte genannt gëtt muss also am Däitsche Kontext verstane ginn. Déi meescht Däitsch Ministèren hunn esou en "wissenschaftlicher Beirat" (Ëmwelt, Finanzen, Kultur, Famill...) an et ginn dëser och um Niveau vun de Länder. Dëst ass en Modell dee fir en Land wéi Lëtzebuerg, dat wäit manner grouss ass, net passt.

De Wirtschaftsministère hei zu Lëtzebuerg gräift op eng ganz Rei Comitéen a Conseilen zréck, an deene verschidde Memberen Enseignanten a Fuerscher op der Universitéit oder an de Fuerschungszentre sinn. Den Observatoire de la compétitivité (ODC) ass zum Beispill op der Basis vum Rapport vum Professer Lionel Fontagné vun der Université Paris Sorbonne gegrënnt ginn, an de Professer Fontagné huet d'Aarbechte vun ODC nach e puer Joer begleet. Eng vun de Missioune vum ODC ass et gezielten a veraarbecht Donnéeën, déi an den Entscheedungsprozesser nëtzlech sinn, ze sammelen, ze analyséieren an ze verbreeden.

De Conseil national de la productivité (CNP) ass beoptraagt d'Entwécklungen am Beräich vun der Produktivitéit am breede Sënn ze verfollegen a publizéiert all Joer en Rapport an deem Zesummenhang, wou souwuel déi spezifesch national Eegenschafte wéi och d'Aspekter a Verbindung mat der EU berécksiichtegt ginn. De CNP ass a sengem Fonctionnement autonom an agéiert a sengen Aarbechten onofhängeg. D'Membere vum CNP hunn an ënnerschiddleche Gebitter professionell Erfarung a verschidde Qualifikatiounen. Sie kommen aus dem Beräich vun den internationalen Organisatiounen, der akademescher Welt, dem Privatsecteur, dem ëffentlechen Déngscht, vun den Etablissements publics an de Sozialpartner.

Am Wirtschaftsministère ass och d'Cellule „Luxembourg Stratégie" geschaaft ginn : dës wäert d'Roll hunn de Suivi ze maache vun de verschiddene strategeschen Aarbechten an déi de Ministère impliziéiert ass. Dës Missioun beinhalt souwuel den Aspekt vun der Prospektiv – also d'Analyse an d'Previsioun vun deem wat d'Zukunft bréngt - wéi de Suivi vun eise Strategien um Niveau vun der Wirtschaft. Den Observatoire de la compétitivité mat sengen diverse Missioune vun der Veille gëtt an déi Cellule integréiert.

De Wirtschaftsministère huet sech domat en neien Outil gi fir eng Visioun an eng Entwécklung vun der Lëtzebuerger Wirtschaftsstrategie op laang Siicht ze gestalten. Et ass an deem Kader och virgesinn dass déi akademesch Expertise op Enseignanten a Fuerscher vun der

Universitéit an de Fuerschungszenteren an den Domainer vun der quantitativer Prospektiv, der Raumwirtschaft, den Datenwëssenschaften, der Modellisatioun vum Klimawandel, der Epidémiologie, den Educatiounswëssenschaften, der Ingenierie etc. ze erweideren.